LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6897 vum 26. September 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.**

*Wou ass d'Planung vun der Erneierung oder der Renovéierung vun der Eller Bréck fir de Moment drun? Leien déi erfuerdert Autorisatioune schon allequer vir? Bis wéini ka spéitstens ëffentlech ausgeschriwwe ginn?*

D'Planung vum Projet vun der Eller Bréck ass ofgeschloss an d'Aarbechte ginn nach Enn dëses Joers ëffentlech ausgeschriwwen. Des weidere kann ech dem honorabelen Deputéierte versécheren, datt all déi néideg Autorisatioune virleien.

*Wéi héich gëtt de Käschtepunkt vun dësem Projet geschat?*

De Käschtepunkt vun dësem Projet, inklusiv sämtlechen Etüden, gëtt op ronn 1,4 Milliounen Euro TTC geschat.

Lëtzebuerg, den 3. November 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch